ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

D'"Maisons relais" gehéieren zu de wichtegste kollektive Betreiungsstrukturen hei am Land. Geréiert gi si vun de Gemengen oder vu gemengnëtzege Veräiner. Nieft hire Betreiungsaufgaben erfëllen d'Maisons relais och eng wichteg Roll bei der Integratioun vun auslännesche Kanner.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Wéi vill Kanner sinn 2021-2022 an eng "Maison relais" gaangen?
2) Wéi vill Personal schafft an den "Maisons relais"?
3) Wéi deelt sech dëst Personal op no Geschlecht an no Nationalitéit?
4) Muss d'Personal, dat am Kontakt mat de Kanner ass, eis Landes- an Integratiounssprooch Lëtzebuergesch kënnen?
5) Op wéi engem Niveau a wéi gëtt dëst kontrolléiert?
6) Wéi eng sproochlech Qualifikatioune si soss nach gefrot?
7) Ass am Kader vun enger Förderung vun der Lëtzebuerger Sprooch ee lëtzebuergeschen Numm geplangt, fir dat franséischt "Maison relais" ze ersetzen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup,
Deputéierten